

# Rapport vun der Integratiounscommissioun vum 23. November 2021

## Presenzen

Present	Net present
Liselotte Ruef-Vogt (présidente), Andy Brunel (secrétaire), Henri Noesen, José Fernandes, Gabriele Wieditz, Yolande Graff, Joe Heinz, Amina Milmeister-Naik (membres), Jean-Claude Bisenius (échevin via Teams)	Christiane Eicher-Karier, Patrick Ludwig, Miguel Moreira Cardoso, Nathalie-Simon Stammel (membres, excusés)

## Punkt 1 - Introduction

D’Kommissioun approvéiert de Rapport vun der Sitzung vum 19. Oktober 2021. Dëse sollt nach um Internet-Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

## Punkt 2 – Soirée de bienvenue 2021

- Et gouf vill positive Feedback zur Soirée de bienvenue, ënner anerem och dass englesch geschwat ginn ass
- D’Duerchféierung vum COVID-Check wor eng grouss Erausforderung
- D’Presidentin seet dem Service Technique an der Jugendherberg vun Huelmes Merci fir hir gutt Aarbecht
- De Schäfferot seet alle Bedeelegte Merci fir hiren Asaz
- Et kinnt een och fir d’Zukunft un engem méi interaktive Konzept vun der Präsentatioun schaffen, respektiv ee Service mat Kopfhörer fir Simultaniwwersetzung ubidden
- D’Gemeng huet vir ee kompletten Informatiounspackage aus ze schaffen, dëse géifen d’Leit bei enger Neiumeldung mat kréien
- Et gouf am leschte Gemengerot eng Persoun nominéiert déi ënner anerem fir d’Kommunikatioun mam Bierger zoustänneg ass a sech dann och an dem Beräich abrénge kann

### Punkt 3 – Chrëschtmaart 2021

- Duerch déi aktuell COVID-Situatioun ginn et eng ganz Rei Restriktiounen fir ee Chrëschtmaart. Sou muss de Site ganz zou sinn an de COVID-Check duerchgefouert ginn. Wann Tester op der Plaz ugebuede ginn stellt sech och d’Fro vum Accord vun den Elteren bei den 12-18-järegen. Ausserdeem muss eng zertifizéiert Persoun engagéiert ginn an dës muss Zougrëff op ee Computer mat Internetverbindung hunn.
- Bei de Schnelltester op der Plaz kënnst dobäi dass de Site kleng ass an fir vill Leit beienee fir ze testen
- Et misst sech och mat der Musek ofgeschwat gi wéi si hir Auditoun wëllen organiséieren (do missten d’Besicher iwwert de Chrëschtmaart)
- D’Schouklasse bereede Saache fir de Verkauf um Chrëschtmaart vir
- Eng Alternativ wär, d’Musek bei der Auditoun an d’Schoukanner allgemeng z’ënnerstëtzen
- Et kinnt een ee Livestream vun der Auditoun ubidden, woubäi do wuel déi déi ee kinnt domadder errechen, déi sinn, déi wëllen op der Plaz dobäi sinn an dës Offer éischter ofleene géifen
- Een “Take Away Chrëschtmaart” an de Schoule wär eng Alternativ, woubäi ze berücksichtegen ass dass den Enseignement iwwer eng Rei verschidde Gebaier an der Gemeng verdeelt ass an dass wärend der Schoulzäit net vill Leit d’Méiglechkeet hätten dohinner ze goen
- D’Kommissioun proposéiert fir de Chrëschtmaart zu Bruch net an der bekannterer Form z’organiséieren an Alternativen dozou aus ze schaffen
- D’Schoukanner kinnten hir Saache samschdes an der Koll verkaufen oder sondes virun der Auditoun bei er Kierch, dann ouni less- an Drénkméiglechkeeten
- Et besteet ëmmer de Risiko vun engem Cluster an enger Klass / bei der Musek / etc.
- D’Gemeng schwätzt mat de Schoule fir eng Alternativ ze fannen
- De José Fernandes wäert mat der Musek an deenen aneren implizéierte Veräiner a Kontakt trieden an den Henri Noesen wäert d’Martine Medinger kontaktéieren
- D’Kommissioun proposéiert fir sondes virun der Auditoun vun der Musek de Verkauf vun de Saache vun de Schoukanner an der Koll z’organiséieren mat eventuell engem “Take Away Chrëschtmaart”

### Punkt 4 – Verschiddenes

- Déi nächst Sitzung kinnt am Mäerz statt fannen, eventuell verbonn mat engem lessen (wa méiglech)
- A Saachen Integratioun kinnt d’Ubidde vu guidéierte Wanderungen an der Gemeng ausgeschafft ginn
- Eng nei Awunnerin huet Interesse gemellt fir sech an der Integratiounskommissioun z’engagéieren